
Modern & Flott
Firenge Schoulliteratur
REMISE
vun den Texter
30.10.23
Kanner & Jugend
Literaturpräis
2023
www.script.lu/publications
SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# KANNER & JUGEND LITERATURPRÄIS 2023



De Kanner- a Jugendliteraturpräis ass eng Initiativ, fir d'literaresch Offer op Lëtzebuergesch an der Schoul mat Texter vun Autorinnen an Auteuren unzeräicheren, déi op Lëtzebuergesch schreiwen.

De Kanner- a Jugendliteraturpräis vum Educatiounsministère gëtt säit 2022 all Joer vum SCRIPT organiséiert. Déi 2. Editioun vum Concours ass op fir jiddwereen vun engem Alter vu 16 Joer un, deen op Lëtzebuergesch (an der aktuell gülteger Rechtschreiwung) wëllt schreiwen. Et dierfe just onveröffentlecht Texter agereecht ginn. Nieft der Promotioun vun der lëtzebuergesch-sproocheger Literatur am Allgemengen geet et am Speziellen dorëm, Texter ze fannen, déi an educatiounsrelevante Kontexter kënne genotzt ginn.

## EDITIOUN 2023

D'Editioun vun 2023 viséiert Texter fir d'Cyclen 3 a 4 (Alterstranche tëscht 8 an 12 Joer), wou et drëm geet, d'nächst Joer en neien e-Reader fir d'Grondschoulen ze publizéieren.

- De Concours ass thematesch oppen. Gesicht ginn Texter op Lëtzebuergesch, déi eng Relevanz fir Kanner vun haut hunn, wéi z. B. Texter iwwer Frëndschaft, gesellschaftlech relevant Theemen, Theeme ronderëm d'Nohaltegkeet, Ängschten a Suerge vun de Jonke vun haut. Awer och Fantasie-Geschichten a Märecher sinn erwënscht.
- Et geet jeeweils ëm Kuerzgeschichten; Längt: tëscht 7.500 – 10.000 Zeechen (ouni Espacen).
- De Präis ass e Geldpräis an Héicht vun 1.500 Euro fir de beschten Text an 800 Euro fir weider zréckbehalen Texter, souwéi d'Aussiicht op d'Editioun (Lektorat, Publikatioun a Lëtzebuerger Schoulbicher) vum fäerdege Produit.
- Remise vun den Texter: **31.10.2023**.
- Allequer d'Informatiounen an och d'Reglement fënnt een op:
- **www.script.lu/publications**
- Kontakt: **marilyne.grossklos@men.lu**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse